ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "was man nicht sieht" an der Editioun vun der "Süddeutschen Zeitung" vum 27. an 28. Mäerz 2021, goufen d'Problemer vun de Laangzäitfolge vun enger COVID-Infektioun, de sougenannte Post-COVID-Syndrom, diskutéiert.

Den Artikel geet ënner anerem op eng Etude an, déi am italieenesche Fachmagasinn "Plos" publizéiert gouf. Deemno hätt de Grad vum Krankheetsverlaf keen direkten Afloss op de Grad vun de Laangzäitfolgen. Och Leit, déi wärend der Infektiounsphase just liicht Symptomer opweise, kënne vu schwéiere Laangzäitfolge getraff ginn. En däitsche Rehazenter, deen op d'Behandlung vu COVID-Laangzäitpatiente spezialiséiert ass, betount, datt et eng ganz komplex Erausfuerderung duerstellt, adequat Therapien ze entwéckelen, well déi eenzel Symptomer sech opgrond vu feelenden Donnéeën ursächlech nach kengem spezifesche "biologesche Mechanismus" zouuerdne loossen. Heefeg Symptomer si Konzentratiouns, Otem, Schlof a berufflech Leeschtungsstéierungen.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Wéivill Patiente mat engem Post-COVID-Syndrom sinn aktuell zu Lëtzebuerg enregistréiert?
2) Wéi eng medezinesch Institutioune betreien déi Leit?
3) Op Basis vu wéi enge Symptomer kann den Hausdokter zu Lëtzebuerg e Post-COVID-Syndrom als Krankheetsursaach consideréieren an u wéi eng zoustänneg Instanze kann hien de Patient fir weider Ënnersichunge verweisen?
4) Kënnen déi Donnéeë aus dem uewen driwwer genannte Fall mam Accord vum Patient anonymiséiert an der Recherche zur Verfügung gestallt ginn?
5) Wéi kënne generell weiderféierend Donnéeën iwwert d'Krankheetsbild vun engem COVID-Infizéierte gesammelt ginn, wann de Patient wärend senger Infektioun doheem isoléiert ass?
6) Wéi eng weiderféierend Blutttester, Röntgebiller a soss Donnéeë gi bei Patiente erhuewen, déi opgrond vun engem schwéiere Krankheetsverlaf an d'Spidol ageliwwert ginn? Kënnen des Donnéeën mam Accord vum Patient anonymiséiert an der Recherche zur Verfügung gestallt ginn?
7) Wéi wäit kënnen d'Lëtzebuerger Dokteren bis lo op d'Resultater vun der internationaler Recherche zeréck gräifen?
8) Op wéi engen aktuelle Modalitéit baséiert d'Gestioun vum Post-COVID-Syndrom bei der Gesondheetskeess? Wéi eng Medikamenter an Traitementer gi rembourséiert?

9) Kann de Post-COVID-Syndrom am Eenzelfall bei der Decisioun vun engem Accord op Usproch vun der Invaliderent mat consideréiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten